Madame COUTO Paula
Conseillère communale

15, rue Amalbergue

L-4806 RODANGE

Referenz : 2026.72398.SECR

Péiteng, den 24. Juli 2026

**Betreff: Är Froe vum 26. Juni 2026**
(Den Dossier gëtt beaarbecht vum Jérôme Bauler - Tel.: 50 12 51 - 3004)

Madamm Couto,

An Ärem Bréif vum 26. Juni 2026 stellt Dir dem Schäfferot follgend Froen :

*Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,*

*Op Basis vun der Äntwert vum 29. November 2024 (Ref. 2024.63895.SECR) betreffend de Projet vun d'Läichenhalen an der Gemeng Péiteng, géife mir gären iwwer den aktuelle Stand vun dësem Dossier informéiert ginn.*

*An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:*

*1. Wéi ass den aktuelle Fortschrëtt vum Projet?*

*2. Sinn déi néideg Planungs-, Autorisatiouns- an Ausschreiwungsprozeduren ofgeschloss oder nach am Gaang?*

*3. Wéini ass virgesinn, mat de Bauaarbechten unzefänken?*

*4. Wéi ee Standuert ass definitiv fir de Bau vun den Läichenhalen zeréckbehale ginn?*

*5. Wéi gesäit de Projet am Detail aus, a sinn déi definitiv Pläng schonn ausgeschafft?*

*6. Ass virgesinn, eng Informatiounsversammlung fir d'Biergerinnen a Bierger ze organiséieren, fir de Projet virzestellen an op eventuell Froen anzegoen?*

*7. Ass den ursprénglech virgesinnenen Zäitplang nach ëmmer aktuell? Falls net, wat sinn d'Grënn fir eng méiglech Verspéidung?*

*8. Wéini rechent de Schäfferot domat, datt déi Läichenhalen fäerdeggestallt sinn an a Betrib geholl kënne ginn?*

*Mat Respekt,*

*Paula Couto*
*Gemengeconseiller*

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

Loosse mir eis mol drop eenege fir d'Läichenhalen, wéi am typesche Volleksmond, "Morgue" ze nennen.

Wéi schonn zu Ärer Fro am Juli 2025 beäntwert läit am Beräich Morguen d'Prioritéit um Neibau vun der Péitenger Morgue. D'Prozeduren heifir sinn awer nach amgaangen an et ass virgesi fir d'Rentrée d'Ausschreiwung fir d'Maîtrise d'œuvre ze lancéieren.

Nodeem d'Maîtrise d'oeuvre vergi ginn ass, an d'Pläng ausgeschafft goufen, wäerten dës am Gemengerot präsentéiert, an et wäert iwwert den Devis ofgestëmmt ginn. Et muss ee sech d'Fro stellen ob eng ëffentlech Informatiounsversammlung fir eng Morgue den Interessi vun der Bevëlkerung tréfft. De Moment ass keng Informatiounsversammlung virgesinn.

Mat de Bauaarbechte vun der Morgue, wou laanscht d'Kierchemauer tëschent deenen zwee Nord-Agäng gebaut soll ginn, kéint dann am Summer 2027 ugefaange ginn, wann déi néideg Prozeduren dann och no Plang verlafen.

Leider konnt den initialen Zäitplang duerch verschidde virgeschriwwen administrativ Prozeduren, Prioriséierung a Verspéidungen op anere lafende Chantieren, sou wéi d'Disponibilitéit vun den Techniker, net agehale ginn.

Wéini déi nei Morgue betribsbereet ass, kann den Ament net gesot ginn. D'Aarbechte sollen awer, wéint dem sensibelen Ëmfeld, méiglechst schnell no Bauufank ofgeschloss sinn.

Iwwert eventuell weider Neibaute vu Morguë gëtt zu engem spéideren Zäitpunkt befonnt.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär, De Buergermeeschter,